



MODERN.

FAIR.

TRANSPARENT.



WALPROGRAMM FIR ESCH

*De lokale Walprogramm vun de Escher Piraten
fir d'Gemengerotswalen den 8. Oktober 2017*

VIRWUERT

Léiw Biergerinnen a Bierger vun Esch,

D'Piraten trieden no de Chamberwalen 2013 an den Europawalen 2014 dëst Joer elo fir eng éischte Kéier an 6 Proporz-Gemengen fir d'Gemengerotswalen den 8. Oktober 2017 un, esou och zu Esch.

Mär als Piratepartei wëllen déi nächst 6 Joer Esch mat Ärch zesumme gestallten. Esch verdéngt et weider no fir ze goen, mat moderner, fairer an transparenter Politik. Mär als Escher Pirate sti fir een Esch, wou mär drop stolz kënne sinn, a wou jiddereen sech wuel fillt a wou all Escher Awunner erëm houfreg soe kann: „Ech sinn Escher“. De Walprogramm vun den Escher Piraten ënnerdeelt sech an 8 Theme mat iwwert 80 Propose fir aus Esch eng liebenswäert Stad, esouwuel no banne wéi no baussen hin, ze maachen. Mär hunn bewosst op e Spëtzekandidat verzicht, wëll mär als Equipe mat Där zesummen, déi nächst 6 Joer an doriwwer eraus d'Stad Esch wëlle mat gestallten.

Denkt drun wann Där d'Escher Piraten den 8 Oktober ënnerstëtze wëllt, Där är 19 Stemmen op déi 12 eenzel Kandidate verdeele kënnt, fir dat ärch keng Stëmm verluer gëtt.

Mär zielen op Ärch
D'Escher Piraten

EIS KANDIDATEN

1
CHMELIK LIBOR



50 Joer
Grenz
Elektriker Meeschter

2
BROERS TAMMY



22 Joer
Lalleng
Landschaftsgärtnerin a.d.L.

3
BECKER JÉRÔME



26 Joer
Belval
Rechner

4
CATTANI JÉRÔME



41 Joer
Wobrécken
Projetsmanager

5
FERNANDES CARLOS



31 Joer
Belval Homecht
Elektrotechniker

6
BROERS GOLDIE



50 Joer
Bruch
Sekretärin

7
NEGOSANTI MARINO



53 Joer
Bruch
Chauffer

8
LUTZ JULIEN



50 Joer
Brill
Pensionär

9
KLEEBLATT PATRICK



54 Joer
Dellhéicht
Journalist

10
WAMALEMBU TSHIBUNDU



58 Joer
Grenz
Serveuse

11
CORNARO STEVE



47 Joer
Aal Esch
Gemengen Aarbechter

12
THINNES LAURENT



39 Joer
Aal Esch
Formatiounsbeoprachten

WUNNEN HEESCHT: ZESUMME PLANGE FIR ZESUMMEN ZE LIEWEN

Wunnengspräisser déi klammen si fir déi, déi eng Wunneng hunn oder eng ierwen eng gutt Nouvelle, fir Mënschen déi awer eng Wunneng siche, sinn se e Problem. Dofir musse mir Léisunge fannen déi d'Offer u Wunnengen erhéicht fir d'Präisser ze stabiliséieren a gläichzäiteg Mënsche mat geréngem Akommes hëllef fir en Daach iwwert dem Kapp ze fannen. Dëst geet an eisen Aen duerch eng méi grouss Offer u bezuelbare Wunnengen déi ee loune kann.

Nieft dem rengen Wunne wënsche mir eis awer och eng Stad déi liewenswäert ass, wou een net op d'gréng Wiss muss fuere fir säi Brout ze kafen a wou Kanner nach kënnen am Quartier spille während all aner Altersgruppen och eng Offer un Aktivitéiten hunn.

Eis Iddie fir eng wunnens- a liewenswäert Stad Esch sti symbolesch fir eng fair Stad wou keen hänke gelooss gëtt, mee wou awer och jidderee Verantwortung fir säi Liewe muss iwwerhuelen.

ENG STÄDTESCH WUNNENGBAUGESELLSCHAFT GRËNNEN

D'Stad Esch soll nach méi Verantwortung fir Wunnengsbau an eiser Stad iwwerhuelen an dëst iwwert eng städtesch Gesellschaft déi sech ëm de Bau, Entretien an d'Verloune vu städtesche Wunnenge këmmert. Des Wunnenge sollen ëmmer e Mix aus dräi Präiskategorien duerstelle, fir eng Ghettoiséierung ze verhënneren. Als Beispill wéi esou Wunnengsbaugesellschaft funktionnéiere kucke mir ënnert anerem op Wien, wou dës Modell zanter Joerzénge e Succès ass.

Virun allem well dës Suen, wann een se a verlounbar Wunnengen investéiert, iwwert d'Joren net verluer

mee gutt ugeluecht sinn. Souwuel sozial wéi och finanziell gesinn.

REGLEMENT VUN ELENGSTOENDE WUNNENGEN UWENDEN

Wann ee Reglementer wéi dëst stemmt, da sollen se och ugewannt ginn an dono kontrolléiert ginn op se e Notzen hunn. Mir setzen eis an dass dëst Reglement ugewannt gëtt a mat Zäiten evaluéiert a falls néideg adaptéiert gëtt. Den Erléis aus dësen Taxe wëlle mir konkret an de Wunnengsmaart zeréck investéieren.

WUNNENGE BAUEN A RENOVÉIEREN

Do wou eis Stad Esch nach eegent Bauland huet, sollte mir dem locative Wunnengsbau souwéi neien Idee wei Intergenerationellt Wunnen, Wunskooperativen, „Mietkaufen“ asw. de Virrang ginn. Esou kënnen dës Terraine valoriséiert ginn an eis Stad géif hirer sozialer Roll weider gerecht ginn. Des weidere wëlle mir déi eidelstoend Sozialwunnechten esou séier wéi méiglech renovéiere fir dat se rem verlount kenne ginn.

STADPLANUNG IWWERT GRENZEN ERAUS

Eng gutt Stadplanung zu Esch kann nëmmen zesumme mat den Nopeschgemenge geschéien. Fir d'Friche vun der Arbed Esch-Schëffleng esou wuel wei d'Weiderentwécklung vu Belval-Universität musse mir koordinéiert a gemeinsam Vuë, mat der Gemeng Schëffleng engersäits an der Gemeng Suessem anerersäits, hunn an nach mei verdéift ustriewen. Mee och doriwwer aus ass eng Zesummenaarbecht am Syndikat Pro-Sud esou wéi och am GECT extrem wichteg fir Esch an déi ganz Regioun. Des ganz Entwécklung kann awer nëmme geléng wann och Bierger*innen konkret mat agebonne ginn, esou wuel mat Ideeën, dem Ausschaffen an och finalement d'Decidéiere vun enger Ëmsetzung.

DE MINIMALE „TAUX D’HABITATION“ EROPSETZEN

Am Kader vu PAPen kenne mir e minimalen Taux festschreiwen dee bewunnbar muss sinn. Mir schwätzen eis dofir aus dee bei neie Quartieren an/oder Lotissementer d’office ze erhéijen a festzeschreiwen a bei bestoende Quartiere bei Ännerunge vun de PAPen dësen och Schrëttweis z’erhéijen sou wäit dat am legale Kader méiglech ass.

EN ËFFENTLECHE BAULÜCKEKADASTER

Fir et Bauhäre méi einfach ze maache fir Terrainen ze fannen déi nach kënne bebaut ginn, proposéiere mir en ëffentleche Baulückekadaster deen an 3 Faarwen uweist a wéi engem Stadium sech eng Parzelle befënnt. Gréng fir Terrainen déi am PAG sinn a wou keng Demande fir eng Autorisatioun virläit, Orange fir Terrainen déi bebaubar sinn, wou awer well e Projet agereecht gouf a rout fir Terrainen, wou entweder schonns gebaut gëtt oder déi net am PAG leien. Iwwert dëse Kadaster solle potenziell Bauhären och direkt d’Besetzverhältnisser kënnen ufroen, genee esou wéi beim nationale Kadaster.

ENG ËFFENTLECH LËSCHT VUN ALLE WUNNENGEN OUNI UGEMELLTE WUNNSËTZ

Aktuell ass et onméiglech fir ze soen a wéi enger Wunneng entgéint PAG oder PAP Büroen entstanen sinn an et ass och fir een deen net am Service schafft onméiglech Mëssverhalten ze denoncéieren. Dofir fuerdere mir, dat all Wunneng déi laut PAG oder PAP net dierft als Büro genotzt ginn a wou kee Wunnsëtz ugemellt ass verëffentlecht gëtt fir esou souwuel Wunnengen ze gesinn déi eventuell kéinte gelount ginn, a gläichzäiteg ze kontrolléiere wéi eng Wunnengen en aneren Zweck wéi geplangt hunn.

SYNDIKAT PRO SUD NACH MEI VALORISÉIEREN

D’Aarbecht vum Syndikat Pro Sud ass nach wieder ze valoriséieren. De Mënschen aus der Süddregioun soll hier Aarbecht mei nobruecht ginn, andeems dat e gemeinsam Idee, Projeten asw iwwert déi eege Gemengegrenze mat de Bierger*innen diskutéiert an ausschafft. Nëmme duerch Abezéie vun de Bierger*innen an dëse Syndikat ass eng regional Entwécklung mat Verständnis vun de Bierger*innen vun interkommunalen Decisioune méiglech.

SHARED SPACE AUSBAUEN

Liewen an engem Quartier fonctionnéiert doriwwer datt een sech treffe kann, datt een zesammen eppes ënnerhuele kann an datt een och einfach dohinner kënnt. Dofir fuerdere mir datt all Quartier eng zentral Plaz kritt wou probéiert gëtt souwuel städtesch Informatiounen wéi och Aktivitéite fir Awunner z’erméiglechen. Mir proposéieren dës als sougenannte „Shared Space“ ëmzesetzen sou datt se zougänglech ass. Dëst géif net nëmme optesch eis Quartieren opwäerte mee och d’Vëlofueren, mat der Kutsch spadséiere goen an aner Aktivitéite vereinfachen. Mir proposéiere fir no an no Trottoiren an de Quartieren ofzeschaffen an aus de Quartiere richteg „Shared Spaces“ maache wou sech all Notzer d’Surface deelen, a wou kloer ass datt net nëmme Autoe Virfaart hunn.

STROOSSENINFRASTRUKTUR A STAND HALEN

Stroossen zoustänn zu Esch an déi dozougehéiereg Infrastrukture wéi Kanalisatioun asw sinn deelweis an engem desolaten Zoustand. Och wann eng rétsch Mesurë vun der aktueller Koalitioun gestemmt gi sinn, ginn se net ëmgesat an ëmmer rem no hanne verréckelt. E Beispill hei ass Aal Esch, wou Stroossen wéi: Aal Lëtzebuergerstrooss, rue des Remparts an nach anerer, Verspéidungen hun vun iwwert 3 Joer. D'Budget sinn do an och gestemmt ginn, an awer geschitt näischt bis net vill. Mat der Inflatoun ginn dann déi gestemmte Budget net méi duer a wieder Defiziter fir d'Gemeng entstinn. Mir trieden a fir Projeten déi wann se bis gestemmt sinn och Zäitno a virun allem am Kontakt mat de Bierger ëmgesat ginn.

E BESSERE MIX TËSCHT WUNNEN A SCHAFFEN A GANZ ESCH

Fir souwuel de Verkéier ze reduzéieren, wéi och d'Liewensqualitéit an de Quartieren ze verbesseren an Aarbechtsplazen ze schafe fuerdere mir datt iwwert d'Outile' vu PAG a PAP an all Quartier och lokal Aarbechtsplazen ugesidelt ginn. D'Escher Pirate fuerdere fir bei all Quartier an Zukunft op e bessere Mix tëscht wunnen a schaffen opzepassen. Do wou d'Gemeng eege Gebaier baut oder huet ass z'evaluëiere wéi wäit een Deeler vun dese Gebaier fir esou Projete kéint zur Verfügung stellen.

KUTSCHEN- A VËLOSPARKING A PAPE VIRGESINN

Wann e PAP Residence virgesäit sollt en bei dese Residencen och ëmmer virschreiwien, datt e Kutschen- a Vëlosparking um Rez-de-chaussée muss mat ageplangt an ëmgesat gi fir esou souwuel jonke Famillje wéi och Vëlofuerer z'ënnerstëtzen.

NËMMEN ENG WËSSENSGESELLSCHAFT KENNT WEIDER

Kanner a Jugendlecher sinn d'Zukunft vun Esch. Wann mir wëllen dat de Chômagetaux och op laang Siicht erofgeet, müssen mir hei zu Esch en Schwéierpunkt op Bildung setzen, dëst esouwuel am formalen, non-formalen an informelle Beräich. Nëmmen esou kréien mir Matbierger déi sech zu Esch doheem fillen, zefridden sinn, an an Dignitéit liewe kennen.

MAISON RELAIS

Maison Relais kennen zur Zäit nëmme 34% vun de beneidechte Plätzen ubidden. Et feelt un Raum a Personal. De konsequenten Ausbau an Erweiterung as fir eis e wichteg Uleies. Eis Ziel ass et an den nächste 6 Joer mindestens iwwert 80% vun der Demande gerecht ze ginn.

Haut ass et leider och esou dat ëmmer méi Personal nëmme méi Deelzäit Kontrakter kritt (duerch Kofinanzéierung vum Staat), an esou vir des Leit finanziell prekär Situatiounen entstinn. Mir wëllen als Piratepartei dass des Leit duerch Moosname wei de Pedibus voll Tâchë kenne kreéieren a mir doduerch en Ureiz bidde motivéiert a gutt qualifizéiert Personal fir eis Escher Kanner behalen.

Am Beräich vun den Öffnungszäiten (Virun allem bei Elteren déi op Siichte schaffe gëtt net Rechnung gedroen. Mir kucken op et Sënn mësch och eng Maison Relais ze kreéieren die nuets op huet.

AUSBAU VUN DE SCHOULEN

D'Escher Schoulinfrastruktur ass an de leschte Joren net genuch wieder entwéckelt ginn. Mir wëllen dëst mat mei Konsequenz maachen an och all Schoulen op die neisten Technologiesche Stand brengen, fir eng bescht Méiglech Schoulausbildung de Kanner ze garantéieren.

INNOVATIV AN INKLUSIV SCHOULFORMEN ËNNERSTËTZTEN

Oft gëtt gesot fréier war alles besser! Mir sinn der Meenung dat Schoul a Bildung an engem stännegen Wandel ass, an dat vill ze lang un der classescher Unterrichtsmethod festgehalten ginn ass. Mir begrëissen an ënnerstëtzen dowéinst Innovativ an Inklusiv Projeten an Schoulformen, wou versicht geet all de Kanner an Berécksiichtegung vun hiren Bedürfnisser an Fäegkeeten eng Ausbildung ze erméiglechen.

STUDENTELIEWEN WEIDER FËRDEREN

Studenten op der Uni bekloen sech dat et keen Studenteliewen gëtt. Mir sinn der Meenung dat dëst un Infrastrukturen an un finanziellen Méttelen fir Projeten feelt. Mir wëllen kucken wéi mir mam Service Jeunesse a Service Kulturelle Moosnamen schaffen kennen fir e liewegt Studenteliewen zu Esch als Gemeengevertrieder ze fërderen. Spaass um formalen léieren kennt och duerch Informal Begéinungen am Studentenalltag.

TECHLABS/HACKERSPACES

Duerch den technologeschen Fortschrëtt sinn vill Apparater duerch den Otto Normal Bierger*in net méi selwer ze flecken. Wou fréier selwer Hand ugeluecht ginn ass bleift haut nach just eng deier Reperatur oder an de Recycling Zenter. D'Schaffen vun engem techlabs/hackerspaces zu Esch mat fachlechem Personal kann der momentaner „Gehei et ewech an kaf et nei“ Kultur bremsen. Bierger*innen kéinten hei ënnert der Uleedung vum Personal, Reparaturen selwer virhuelen. Deswéideren wier et och eng Platz, wou technikbegeeschert Leit vun all Alter sech treffen kéinten an sech austauschen, eegestänneg Projeten kéinten ëmgesat ginn an sech op meng eng spilleresch Aart a Weis der moderner Technik méi vertraut maachen.

REFORM VUM CIGL

D'Struktur an d'Aarbechtsverträg vum CIGL brauchen dréngend eng Reform. Ziel sollt et sinn den Nutzniesser eng deifgräifend Aus- oder Weiterbildung unzebidden, souwéi Perspektiven ze bidden wei z.b ob eng Festustellung, am plaz zum Deel stomp an monoton Aarbechten nozegoen.

MOOSSNAMEN FIR CHÔMEUREN

Mir hunn zu Esch leider e vun den héchsten Chômagetauxen aus dem ganzen Land. Des weideren hun mir ganz vill Leit déi Interimverträg hunn. Mir wëllen dass all Escher Chômeure duerch Weiterbildung iwwert den INFPC, Usiedelung vun enger Ecole de la deuxième chance an aner Organer eng besser Beruffsbasis kann bidden. Mir wëllen als Piratepartei iwwert Gemeng konkret un des Mënschen erunrieden an hinnen hëllef weider ze kommen.

ENG TRANSPARENT GEMENG

Mir wëllen eng Politik vun den oppe-
nen Dieren, wou Bierger*innen ein-
fach un Informatiounen kommen a wou
gläichzäiteg den Datenschutz vun de
Privatleit geschützt ass. Eng Gemeng
wou Oppenheet en Atout ass, a Bi-
erger*innen wësse wat an der Gemeng
leeft.

DATESCHUTZ

Um Beispill vun der Internetstuf zu
Esch gëtt kloer dat Esch méi an den
Dateschutz vu senger Bierger in-
vestéiere muss. Etlech Leit loosse
sech an der Internetstuf perséinlech
Dokumenter fotokopéieren. Modern
Fotokopierer hun awer e Speicher
deen all Kopien opbewaart. D'Inter-
netstuf hëlleft ville Leit bei hirem
CV oder ähnlichem. Déi Dokumenter
bleiwen awer op éiweg op dese Com-
puteren. Dëst ass nëmmen 1 Bsp vu
ville wat weist dat mir mei investéiere
mussen a Personal wat sech um ganze
Gemengenniveau fir den Dateschutz
asetzt.

FREI SOFTWAREN A QUELLOPENE BETRISSYSTEMER AN DE SCHOU- LEN AN AN DER GEMENGEVERWALTUNG

Mir sinn der Meenung dat an öffentle-
chen Institutiounen wei Gemengever-
waltungen, Schoulen asw et net ka
sinn dat do mat Betriebssystemer a
Software geschafft gëtt, wou just deng
Firma wei z.b. Microsoft oder Apple
Secherheitsupdate durchféiere kann
an déi och nach Hannerdieren an
hirer Programmation fir international
Geheimdengschter mussen oplossen.

Mir si fir Quelloffe Betriebssystemer
an Opensource Softwaren, wou Séch-
erheitsproblemer méi séier kenne
behuewe ginn. Bsp dat dëst emsetz-
bar ass, ginn et zb. : (München, Wien
a Vincenza op Linux Betriebssystemer)
oder BSD (eent patentfräit UNIX vun
der Berkley University). Heiduerch
kenne Schoulen an och Gemeng
enorm un Lizenzkäschten aspieren an
dëst Geld fir aner Projeten asetzen.
Internetsite vun der Gemeng

Den Internetsite vun der gemeng ass
eiser Meenung no net immens user-
friendly an net uptodate. Mir setzen
eis an vir en modernen an virun allem
informativen Internetsite deen och
ëmmer déi aktuellst Infoen huet a wou
een och seng Demanden an Zesum-
menhang mat der Gemeng maache
kann.

HÄR IWWERT SENG EEGEN NETZWIERKER SINN

D'Pirate sinn der Meenung datt och
wann d'Servicer op engem Reseau
kenne privatiséiert ginn, d'Infrastruk-
tur soll an öffentlecher Hand bleiwen.
Aus diesem Grund fuerdere mir, datt
Gemeng Esch alles ennerhëlt fir mët-
telfristeg erëm Här iwwert hir eegen
Netzwerker a Kabelen ze ginn, an de
Service op diesen dann ausschreiwe
ka fir esou de Bierger an de Genoss vu
Konkurrenz um fräie Marché kommen
ze loosse ouni d'Qualitéit vun der
Infrastruktur a Gefor ze bréngen.

EIERENERKLÄRUNG VUN ALLE GEMENGERËIT IWWERT HIR AKTIVITÉITEN

Wéi an der Chamber an am Europa-parlament ass et an eisen Aen normal, datt gewielte Verrieder hir Interesse verëffentlechen an de Wieler erkläre wéi Sie hiert Geld verdéngen a wou Sie Aktien hunn. Dofir fuerdere mir datt all Gemengerot eng Eierenerklärung iwwert seng Aktivitéite soll ofginn.

AUERZÄITE VUM GEMENGEROT ESOU LEEËN DATT PARTICIPATIOUN MÉIGLECH ASS

Aktuell ass de Gemengerot vun der Stad an der Woch zu Auerzäite wou déi meescht Leit schaffen. Do hëlleft dann och kee Livestream a keng Ëffentlechkeet wann duerch d'Auerzäit et well onméiglech gëtt fir ouni Congé ze huelen de Gemengerot kennen ze suivéieren. Dofir fuerdere mir, datt d'Auerzäite vum Gemengerot esou gewielt ginn, datt beruffstäteg Bierger och eng Chance hunn dorunner ze participéieren.

ËFFENTLECH KOMMISS- SIONSSÄTZUNGEN

Mir fuerderen dat Kommissiounssätzungen an hir Rapporten ëffentlech ze maachen. Des sënnvoll Measure wier fir méi Participatioun z'erméiglechen an d'Bierger*innen nach mei ze informéiere wat an hirer Gemeng aktuell Sujete sinn.

AUSLEIEND DOSSIEREN OCH DIGITAL PUBLIZÉIEREN

Am Kader vu ville Prozeduren (PAG, PAP, Baugeneemegung, ...) ginn Dossieren op der Gemeng ausgeluecht fir datt interesséiert Bierger se kënne kucke goen. Leider muss een sech dann engersäits während den Öffnungszäiten dohinner beweegen an anersäits sinn dës Dossiere meeschtens zimlech ëmfragräich. Dofir fuerdere mir, datt dës Dossieren och digital an ouni Ufro zur Verfügung gestallt ginn, sou datt méi Bierger eng Chance hunn dës Dossieren am Detail ze kucken.

E GEMENGEN- INFORMATIUNSFRAÏHEETS-AKT

Mir fuerderen datt Gemeng Esch ähnlech wéi Hamburg en Informatiounsfraïheetsakt fir all kommunal Dokumenter beschléisst an et esou onofhängeg vun der Regierungspolitik erméiglecht fir Bierger, Journalisten an aner Interessenten Ufroen un d'Gemeng ze stellen déi dann och musse beäntwert ginn. Dëst géif et erlaben datt och Persounen déi net am Gemengerot Froen un de Buergermeeschter stellen dierfen Accès zu offiziellen Informatiounen géife kréien.

EN ËFFENTLECHE SUBSIDEREGISTER

Gemeng Esch verdeelt reegelméisseg Subsiden u Persounen, Veräiner, Associatiounen a Firmen. Aktuell ginn dës zwar alleguerten am analytesche Rapport verëffentlecht, mee et gëtt keng Datebank wou se all zentral ze fanne sinn. Fir datt jiddereen sech e Bild dovou ka maache wéi eng Associatioun mat senge Steiergelder ënnerstëtzt ginn, fuerdere mir e

Subsideregister deen dës regroupéiert.

ENG RICHTEG BILANZÉIERUNG NO EUROPEAN PUBLIC SECTOR ACCOUNTING STANDARDS

Eis Stad benotzt an der öffentlecher Kommunikatioun nach ëmmer e kamerale Budget a Bilan deen et dem Publique net erméiglecht op den éischte Bléck ze gesi wéi vill Reserven nach do sinn a wéi ee Geld schonns engagéiert ass. Dofir fuerdere mir, datt nieft dem kamerale Budget och eng richtig Bilanzéierung no de „European Public Sector Accounting Standards“ verëffentlecht gëtt.

BITCOINS AKZEPTÉIEREN

Als 2 gréisst Stadt vum Land géif et Esch guttdoe wann se och innovativ Bezuelmethode géif akzeptéieren. Dozou gehéieren hautdesdaags och Bitcoins, Litecoins, Ethereum an all aner Kryptowährungen

ENG MOBILITÉIT DÉI EIS WEIDER BRÉNGT

Esch huet en enorme Mobilitéitsproblem, sief dat Vëlosweer wou vill Leit aus Angscht virun de Geforen um Trottoir fueren, eng Parkplatzsituatioun déi schlecht regéiert ass, a méiglech Busnavetten déi feele fir enger moderner an méi nohalteger Mobilitéit gerecht ze ginn. Mir als Piratepartei hun eng Reih Léisungsusätz déi des Situatioune verbessere kënnen an en Ugezielte Mobilitéitssplit begënstegt.

TICKETLOSEN ÉFFENTLECHEN TRANSPORT AN DER STAD ESCH

Mier fuerderen datt d'Busser vum ICE (zumindest um Gebitt vun der Gemeng Esch) an Zukunft ouni Tickete fonctionnéieren an esou jiddereen de Bus méi einfach notze kann. Finanzéiere wëlle mir des duerch en unhiewe vun der Parkvignette souwéi duerch eng fräiwëlleg Kontributioun vun den Awunner.

CITY NAVETTEN

Mir wëllen de weideren Ausbau vu City Busnavetten. Wat bedeit dat? Un déi 2 bestoend Offren: de Gaalgebus an de Flexibus fir den Neiduerf gesi mir wieder Méiglechkeeten de Verkéier an Esch ze entlaaschten an erauszehalen. Fir Leit vu baussent vun Esch denke mir un den Ausbau vun de Park a Ride Méiglechkeete ronderëm Esch mat Ubannung un e Citybusnetz. Esou Ubannunge kennen zb. e Cityshoppingbus, e Busdéngscht fir Spidol asw sinn. Mir gesinn awer och Busnavetten déi d'Kanner aus de Maison Relais an eis (Sport-) Veräiner bréngt a siche geet. Esou Mesuren droen a villen Hisiichten

zur Attraktivitéit vun Esch bei, a fërdere gläichzäiteg Geschäftswelt a Veräinsliewen zu Esch.

VÉLO A BUS MËI KOMPATIBEL MAACHEN

Mir versichen dat Kombinatioun tëscht zou Fouss goen, Vélo a Bus fuere mei einfach gëtt. Dofir schloe mir fir dat un all TICE-Bus speziell Vëlostransportsystemer um Bus ubruecht ginn. Dëst Erméiglecht zum engen dat ee mei Vëloe mathuele kann an zum aneren dat Eltere mat Kutsche souwéi Leit am Rollstull am Bus och hier Platz behalen.

MODERN BUSARRËTEN

Busarrëten si Platze wou sech Leit ophalen. Mir wëlle gäre Busarrête wou et agreabel ass sech opzehalen: dëst sinn en lwwerdaach, Sëtzplazen, eng Platz wou een de Vélo flecke ka mee och wou een sech informéiere kann. Mat moderner Technik kann een hei net nëmmen Infoe gi wéini e Bus kennt, mee et kann een och iwwert dat kulturellt a soziaalt Angebot vun der Gemeng informéieren. Des weidere solle Quae bei all Busarrëten sou adaptéiert ginn dass eng Leit mat engem Rollstull oder eng Kutsch eben äerdeg an de Bus kann era fueren.

KONSEQUENTEN AUSBAU VUN DE VÉLOSWEËR

De konsequenten Ausbau vun de Vëlosweëer zu engem wierklech zesammenhängende Vëlosweëernetz (am Idealfall vun der Strooss ofgetrennt wéi z.B an der rue de Luxembourg), d'Erlabe vum Vélo fueren an Tempo 30 Zonen och an der Entgéintgesater Fuerrichtung vuSens unique Stroossen, d'Ariichte

vu securiséierte Vélosstellplätzen (z.B. M-Box) op strategesch wichtege Plätzen an en Entschärfe vu Geforequellen si fir eis wichtig.

PARKSITUATIOUN ZU ESCH VERBESSEREN

D'Stad Esch huet ouni Zweifel e Parkplazproblem. D'Parkhaiser am Escher Zentrum sinn net voll ausgelascht an Defiziter mussen vun der Gemeng gedroe ginn. Op der anerer Säit fannen d'Awunner, déi fir hier Vignette eppes mussen bezuelen, oft keng Parkplazen. Mir proposéieren de reelle Parking residentiell anzeféieren an deem et e gewësse Prozentsätz vu Parkplaze ginn déi exklusiv wier d'Awunner*innen mat enger Vignette reservéiert sinn. Mir setzen eis dofir an dass den Tarif vum Parken am Zentrum mei héich ass wei an de Parkhaiser. Des weidere sollen d'Parkhaiser 24/24 komplett accessibel sinn an zeréck ënnert Gestiou vum der Gemeng falen.

GRATIS PARKEN

D'Aféiere vun 2 Gratisstonnen an de Parkhaiser vun der Gemeng Esch beim Akafen oder enger Visite an enger kultureller Institutioun souwéi ariichte vu Parkplaze mat 30 min gratis parken (wéi z.B. Stadt Lëtzebuerg) gesi mir als eng Ureegung d'Escher Geschäftswelt wéi och déi kulturell Institutiounen fir Leit vun ausserhalb opzewäerten.

PARKPLAZE FIR FLEEGEDÉNGSCHTER AN (SÜD)SPIDOL SCHAFFEN

Ëmmer méi Persounen wëllen ëmmer méi laang an den eegene véier Wänn liewen. Dëst bréngt mat sech, datt ëmmer méi Besoine fir FleegeDéngschter optrieden. Fir dësen

Déngschter et méi einfach ze maache fir hire Service z'offréieren an esou d'Liewensqualitéit vu Senioren a Fleegebedierfegen an eiser Stad ze verbesseren, fuerdere mir, datt nieft Behënnerteparkplazen an Zukunft och an all Quartier Parkplaze fir FleegeDéngschter agefouert ginn. Mir hun zu Esch eent vun de gréisste Spidoler aus dem Land, mat em die 1800 Leit Personal, a mam Plënnere an dat neit Südspidol zeie mir nieft Patienten nach vill neit Personal un, wat gréisstendeels op Schichte schafft. Mir begréissen Dëst ausdrécklech, fannen awer dat dëse Leit, déi eng flexibel Mobilitéit brauchen, Parkplazen oder Buslinne mussen ugebuede gi fir net schonns gestresst hiren Déngscht um Bierger unzufänken, an dat déi Parkméiglechkeeten déi se hun net vun enger privater Entreprise exploitéiert mee am Sënn vun de Salariéë geréiert gëtt.

TEMPO 30 RONDERËM ALL SCHOUL A MAISON RELAIS

Ronderëm all Schoul a Maison Relais sollt een d'maximal Vitesse op 30 km/h reduzéieren an dëst duerch baulech Methoden och renforcéieren. Dëst dréit zur Sécherheet vun alle Kanner an Awunner bäi.

STROOSSELUUCHTEN ALS CHARGEUR FIR ELEKTROAUTOEN ËMRËSCHTEN

Fir d'Elektromobilitéit ze förderen, fuerdere mir datt an all Quartier 1 vu 5 Stroosseluuchten zu engem Chargeur fir Elektroautoen ëmgebaut gëtt. Dëst géif et méi einfach maache fir säin Auto och dann ze luede wann ee selwer keng Stellplaz mat Strom huet oder awer op Besuch ass.

NOHALTEG WIERKT!

An enger globaliséierter Welt, wou Ëmweltschied ëmmer méi grouss ginn, freet een sech oft, ma mäin handeln ännert dach näischt. Mir als Piratepartei sinn awer der Meenung dat all kleng Geste zesummen e Grousse Geste fir en nohaltege Planëit bedeit. Grouss Gester fänken ëmmer lokal un an doduerch wëlle mir op Gemengen Niveau mat Gesten ufänke fir dat se grouss an nohaltege kenne ginn.

D'OFFALL PROBLEMATIK ENTSCHÄERFEN DUERCH D'AFÉIERE VUN ËNNERIERDESCH CONTAINEREN

Mir begrëissen d'Offall Gestiouen vun der Gemeng Esch, nom Motto „Manner Dreck ass mei bëlleg“. D'Aktuell Situatioun feiert awer derzou dass all eenzele Stot zu Esch am Idealfall méi wéi 4 Poubellen a senger Wunneng stoen huet an enorm Platz ewech hellt. Des Situatioun ass virun allem an Appartementer problematesch. Des weidere stellt sech fir Kopropriétéiten de Problem, wann grouss Poubellen zur Verfügung stinn, dëst Konzept vum Trennen a Vermeide vun Dreck net opgeet. Net all Poubellen hun e Schlass an esou gesäit en owes oft Leit hiren Dreck a Poubellë vun den Nopere geheie, fir net mussen ze bezuelen. Am Summer wann et waarm ass ergëtt sech dann nach derbäi dat een seng schwaarz Poubelle, well se nach net voll ass, net eraus setzt an sech doduerch Mécken, Insekten a Gestank usammelt.

Mir proposéieren dofir dat an all de Stroossen, nom gläiche Prinzip, ënnerierdesch Containeren ze installéiere, wou ee just mat enger Chipkaart de Container opmaache kann an dee-

mentspriechend säin Dreck bezilt. Heimadden géif och d'Gestioun vum Eidelmaache vereinfacht ginn an en enormen Erspuernis un Poubellen am allgemengen.

E GRÉNGT ESCH

Säit kuerzem gesäit een op verschidde Plazen zu Esch Naturinstallatiounen déi mir begrëissen. Mir sinn awer der Meenung dat solch Moosnamen en Zeechen si vu Fehlplanungen an der Vergaangenheet, a mir eis solle Gedanke maachen, wéi esou Projeten dauerhaft an d'Stadbild vun Esch kennen integréiert ginn. Mir versichen dauerhaft nei gréng Oasen ze schaffen, a setzen eis an dat déi bestoend Gréngflächen, Parken, Naturreservater, wéi de Gaalgebierg, Bouwenacker, Ellergronn, Lavalpark asw erhale bleiwen an net wieder zougebaut. Hei solle weiderhi Liewensraim geschaffen gi wou en sech gären an der Natur ophält. Bei all neiem Quartier an Ajustementer vu Quartier sollen esou gréng Oase geschaffen ginn.

LOKAL A SAISONAL IESSEN

Initiativë wéi Gemeinschaftsgäert, den Escher Geméisgaart, d'Erhalen an d'Ausbaue vun de Schrebergäert gesi mir als e wichteg Element vun enger nohalteger Iesskultur. Sie sinn och e Paradebeispill vun Inclusioun zu Esch. Och an de Maison Relais wëlle mir verstärkt op saisonal a regionaalt lesse setzen a kucke Soumissiounen esou auszeschaffen dat dëst agehale gëtt.

FAUNA A FLORA SCHÜTZEN

Mir analyséieren a wéi weit d'Gemeng hire Beitrag erweidere kann, a wëlle pro aktiv ginn, an am besonnesche fir den Erhalt vun eise Beie suergen.

DÉIEREN ZU ESCH

Mir si fir den Erhalt vum Escher Déierepark a vun engem weidere gratis Benotze vun dësem fir all d'Leit. Fir der Ongerechtegkeet vun der Hondsteier fir Hondbesetzer*innen entgéint ze wierken analyséiere mir a wéi weit eng allgemeng Hausdeierensteier ëmgesat ka ginn. Mat dëser Taxe, déi mir integral an Deieren um Escher Territoire reinvestéierte wëllen, gesi mir Projete wéi: Den Déierepark, d'Asile pour animaux, den Déiereschutz, Ëmsetze vun Déierentherapie an de sozialen Aariichtunge vun der Gemeng, d'Uleeë vun Hondswissen, Muppentuten asw.

FËRDERUNG VU ENERGIEKOOPERATIVEN

D'Escher Pirate setzen sech a fir de Wiessel vu fossil op erneierbar Energien aktiv mat ze gestalten. Do fir proposéiere mir, datt Gemeng lokalen Energiekooperative Surfacen op ëffentleche Gebaier (géint eng Participatioun an der Gesellschaft) zur Verfügung stellt an dës duerch Informatiounsveranstaltungen a Formatiounen ënnerstëtzt. Esou ka Gemeng net nëmmen eppes géint de Klimawandel maachen, mee och nach lokal Gruppen ënnerstëtzen an nachhalteg Investitiounen fir d'Zukunft vun der Stad maachen.

NOWÄERMENETZER AN NEIE QUARTIEREN

Wann nei Quartieren oder Lotissementer geplangt ginn, fuerdere mir fir vu vir eran Nowärmenetzer virzugesinn. Esou kann engersäits Plaz, mee och Energie gespuert ginn an d'Energiegewinnung ass méi effizient wéi wa jiddereen säin eegene Boiler huet. Natierlech sollen dës Netzer souwäit

et geet op erneierbaren Energien opbauen.

NEIE QUARTIER = NETTO-NULLENERGIE

Bei neie Quartiere sollt een och alles ënnerhuele fir dës als Netto-Null-Energie Quartieren ze plangen. Dëst bedeit datt ee lokal an dezentral Energieversuergung mindestens sou wichteg gesäit wéi eng gutt Isolierung.

DE VERBRAUCH VUN ËFFENTLECHE GEBAIER PROGRESSIV REDUZÉIEREN

Mir fuerderen datt fir all Gebai an ëffentlecher Hand eng sougenannte „comptabilité énergétique“ opgestallt gëtt an doduerch kloer ersiichtlech gëtt, wéi vill Energie e Gebai pro Periode verbraucht. Dësen Verbrauch soll dann iwwert déi nächst Joren duerch Sanéierung, Renovéierung an Neibau progressiv reduzéiert ginn.

SMART (LOCAL) GRIDS AN D'REALITÉIT ËMSETZEN

Haut sinn eis Infrastrukturen nach gréisstendeels „domm“. Mir wësse wéineg doriwwer wou eng Waasserfuite ass éiert et ze spéit ass, genee dat selwecht bei Gas, Ofwaasser a Stroum. Mir kënnen awer nëmme gutt dezentral Energie produzéieren, wann eis Reseauen och entsprechend Sensoren hunn. Dofir fuerderen d'Pirate fir no an no déi verschidde Reseauen vun der Stad duerch „intelligent“ Reseauen z'ersetzen.

DEN ESCHER COMMERCE AN D'WIRTSCHAFT FÖRDEREN

Et huet een d'Gefill dat ëmmer méi Geschäfte a Lokaler hei an Esch eidel stinn, dëst esou wuel am Zentrum wéi och um Belval. Des Zoustänn féieren dozou dat ëmmer manner Leit zu Esch akafe wëllen oder sech als Betrib hei nidderloosse, well se sech soen, do ass jo alles zou oder ze vill geféierlech, woumanner eng Kettereaktioun ausgeléist gëtt. Proposen an Idee'en vun den Escher Pirate setzen dësem Trend eppes entgéint.

ENG AKAFSSTAD FIR JIDDEREEN

De Stolz vun der Gemeng, d'Uelrechtstrooss! Leider ass se gréisstendels just fir „gesond“ Bierger*innen accessibel. Fir Mënsche mat enger kierperlecher Aschränkung, am besonnesche Rollstullfuere*innen kommen ouni friem Hëllef an enger Reih Geschäfte, Banken oder Praxissen net bis un Théik oder de Schalder. Héi muss am Gemengegesetz nogebessert ginn. Et soll festgehale ginn, dat Geschäfte, Banken, Praxissen asw déi nei derbäikommen en gerechten an accessibelen Zougang ze garantéieren hunn. Och déi, déi schon präsent musen innerhalb vun 2 Joer en gerechten an accessibelen Zougang garantéieren. E Beispill hefir ass de Prager Open City Modell. (Finanziell Hëllefstellung säitens der Gemeng kann ugeduecht ginn)

AKEEF BEI SECH HEEM KRÉIEN

Fir d'Geschäfte zu Esch ze ënnerstëtzen a virun allem d'Uelrechtstrooss rem opzewäerte fuerdere mir d'Afféierung vun engem Liwwerdéngscht dee Akeef asammelt an den Dag selwer oder den Dag drop dem Client heem liwwert.

Eng wieder Measure ass Bereetstelle vu „Lastenfahrräder“ déi een op veschiede Plätzen an Esch géif fannen an ausléine kéint (wéi z.B Berliner Model).

NOVERSUEGUNG FIR JIDDEREE GARANTÉIEREN

A Staddeeler wou d'Noversuegung iwwert de private Marché net präsent ass, soll d'Stad Esch an eegene Gebaier avantagéis Büroen a Surfacen zur Verfügung stelle fir souwuel déi medezinesch Versuegung wéi och d'Méiglechkeete fir anzekafen z'erméiglechen.

DEN EXODUS VU KLENGE GESCHÄFTER OPHALEN

Säit der Ouverture vum Site Belval hunn ëmmer méi kleng, lokal, Geschäfte de Schlëssel ënnert den Teppich misste leeën. Fir dëst an Zukunft ze verhënneren, fuerdere mir, datt d'Gemeng Esch bei fräihännege Marchéen (ënnert 60.000 Euro) als éischt op lokal Fournisseuren zeréckgräift fir esou de lokalen Handel z'ënnerstëtzen. Des Weidere proposéiere mir eng Loyersbrems fir Geschäfte beim Verhandele vun engem neie Bail ze protegéieren. Dës Brems soll pro Zone un engem „Mietspiegel“ ugepasst sinn an ni méi wéi 5% pro Hausse erlaben. An dësem Kader ass eng Interventioun op nationalem Plang néideg fir de passende legale Kader ze schafen.

E ONE-STOP-SHOP FIR ENTREPRE- NEURE SCHAFFEN

D'Gemeng soll zesumme mat Chambre de Commerce, Chambre des Métiers, Staat a para-staatleche Projeten zesummen e Guichet schaffen deen all Servicer fir en neien Entrepreneur an der Gemeng Esch zesumme bréngt. Dëst fir et méi Leit z'erlaben ouni Problemer hir Iddien zu Esch ëmzesetzen.

LOKALER FIR SOCIAL ENTREPRE- NEURSHIP VIRGESINN

Fir eng aner Ekonomie z'erméigleche soll Esch nieft „normale“ Startups Raimlechkeeten och sozial Entrepreneure bei hire Projeten ënnerstëtzen. Dëst kann am Kader vu besteende Projete geschéien, wichteg ass just, datt eng Mindestquot fir sozial Entrepreneure reservéiert gëtt.

CO-WORKING SPACES BEI STÄDTESCHE PROJETEN

Do wou Gemeng Esch selwer als Bauhär optrëtt, respektiv déi nei städtesch Wunnungsbaugesellschaft, sollt ee fir all 10 Wunnengen eng Aarbechtssituatioun an engem Co-Working Space virgesinn. Esou verhënnert een, datt Wunnengen zu Büroen ëmgewandelt ginn a gläichzäiteg erméiglecht een och fräie Beruffer awer och z.B. Léierpersonal an engem Bürosemfeld ze schaffen wann et néideg ass.

NEI BETRIEBER FIER EIS HANDWIERKER

D'Handwierk huet eng laang Traditioun zu Esch. Duerch ewechfale vun der Stolindustrie feelt et un Handwierksbetreiber. Mir wëlle Raum schaffen fir klengen Handwierksbetreiber

et ze erméiglechen hire Betrib zu Esch ze grënnen an doduerch nei Plätzen an deem Beräich fir d'Escher ubidden

KANNER AN D'BETRIBER

Mir sinn der Meenung, datt Kanner frëi schonns solle gesi wou Produiten hierkommen a wéi eis Wirtschaft fonctionnéiert. Dëst fir datt se verstinn datt hannert all Produit a Service Aarbecht stécht an datt näischt vun näischt kënn. Dofir fuerdere mir datt Besich a lokale Betreiber an de Curriculum vun all Schoul gehéieren.

ALL KAND SOLL ENTDECKER AN ERFANNER KËNNE SINN

Fir datt Kanner kënnen erausfanne wat hinnen am beschte läit a virun allem och eemol kënnen Kand sinn, fuerdert d'Piratepartei, datt all Kand am Fundamentalen iwwert seng Carrière soll regelméisseg a „Ecole de forêt“ goen an och a „Makerspace“ fir esou d'Emwelt z'entdecken an ze gesinn datt jiddereen Talenter huet. Mir setzen eis derfir an dat Angeboter a Servicer vu Centre d'Accueil Ellergronn esou wei d'Waldschoul nach weider ausgebaut ginn.

EIS STAD WUNNENS- A LIEWENSWÄERT GESTALTEN

Esch huet no senger laanger Zäit als Häerz vun der Lëtzebuerger Stolindustrie et net wierklech fäerdeg bruecht sech nei ze positionéieren. D'Universitéit an och Esch 2022 si ganz positiv Akzenter, trotz allem ass et net fäerdeg bruecht ginn d'Reputatioun vun Esch am Geigensaaz vun anere Südgemengen no banne wéi no baussen ze verbesseren, an eng Stadt ze maache wou Leit gären hei liewe kommen, hikomme fir hier Fräizäit ze verbrennen an sech secher fillen.

ESCH ENG KLOER IDENTITÉIT GINN

Mir wëllen zesumme mat enger Consultingfirma an de Bierger*innen e Konzept opsetze fir Esch eng kloer Identitéit dobaussen ze ginn, Fir wat soll Esch stoen? Secher net déi Identitéit vun: „Et ass ellen a geféierlech zu Esch“, mee eng Identitéit déi der Realitéit vun Esch entsprécht. Hei sollen och Bieger*innen staark mat agebonne ginn, well nëmme Sie wësse wat dat reellt Esch ass a wéi Sie sech gesinn a wëlle gesi ginn. Des Moosnam kann och opdecke wou de Schong zu Esch dréckt a wieder Idee fir Zukunft vun Esch brengen.

ESCH AN D'VITRINN STELLEN

Vill Vitrinne stinn zu Esch eidel, Entweder well et eng Iwwergangszäit ass, vleit well keen neie Locataire fonnt gëtt. Mir proposéieren des Vitrinne während dëser Zäit de Veräiner, Initiativen an der Gemeng zur Verfügung ze stelle fir Hier Aktivitéitende Leit méi no ze bringen

a fir der Tristes vun eidele Vitrinnen entgéint ze wierken.

ENG PLATZ FIR ALL MËNSCH

Kulturell Inklusioun geschitt am beschten duerch Veräiner, Sport a Quartierbezogenen Initiativen an/oder Projeten. Mir setzen eis a fir innovativen a kreativ Konzepter an ënnerstëtzen des esou wuel finanziell ewéi och mat personelle Mettlé vun der Gemeng.

LOKAL VERÄINER AN INITIATIVEN ËNNERSTËTZEN

Fir lokal Veräiner an Initiativen z'ënnerstëtze sollt een hinnen net nëmme Lagerplaz an engem Gebai oder enger Sportshal offrëiere mee Plaze wou Sie och kéinte Büroen ënnerhalen an zum Beispill zu puer, vun engem CAE Employé profitëiere fir esou d'Veräiner fit fir d'Zukunft ze maachen a Benevoller vu Verwaltungstächen z'entlaaschten. Des weidere wëlle mir mei zougänglech Versammlungsraum schaffen, ouni vill Käschten a Bürokratie.

BESSER ËNNERSTËTZUNG VU SPORTVERÄINER

Gemeng Esch soll hire lokale Sportveräiner méi Ënnerstëtzung a Form vun engem Service de Support zur Verfügung stellen. Dëse Service kéint fir verschidde Sportveräiner zum Beispill en kollektive Sponsoring aushandelen oder awer administrativ Hëllefstellunge ronderëm d'Gestioun vun engem Veräin offrëieren. E bëssen esou wéi de Service d'Economie Rurale.

PRIX D'ENTRÉE RECOMANDÉ FIR D'ESCHER KULTUR INSTITUTIONEN

Zu Esch ginn et eng ganz Reih Kulturinstitutionen a Muséen déi et méi wie verdéngt hun besicht an erlieft zerginn. Oft ass et awer esou dass een net weess op d'Angebot engem gefällt oder den Entrée ze deier ass. Mir als Pirate wëllen an den Escher Institutionen den „Prix d'entrée recommandé“ aféieren. Dat bedeit dat en Präis uginn ass, mee den eenzele Visiteur entscheede kann op en méi oder manner well bezuelen. Praxis heivunner ass schonns op ville Platze positiv ëmgemat ginn

DEN TOURISMUS OPTIMAL NO FIR BRENGEN

Esch huet op klengestem Raum enorm vill fir Visiteuren ze bidden, sief dat de Gaalgebierg mat Déierepark, Bamhotel, Hotel, Camping Sportméiglechkeeten a senger Natur, sief d'Naturreservat mam Ellergronn, sief et Cité des science mat den Heichiwen, oder die eemoleg erhalen Architektur am Zentrum vun Esch. Mir setzen eis an dat des a wieder Touristesche Angeboter nach besser a mei zesammenhängend vermaart ginn. Idee wéi eng oppe Schwämm/Weier op Terre Rouge asw ënnerstëtze mir.

SYNDICAT D'INITIATIVE WEIDER STÄRKEN

Wann een sech den Engagement a Resultater vum Syndikat d'Initiative et de Tourisme vun Esch ukuckt ass et remarkabel wat dese Service fir Esch fäerdeg bruecht huet. Mir wëllen hei nach méi Moyaen zur Verfügung stellen an zesumme mat hinnen nei ideen ausschaffen. Mir setzen eis och a fir hier Raim fir de Visiteur

nach mei uspriedhend an interaktiv gestalten. Ideen wéi Ausbildung vun Touristenanimateuren, Guiden asw sollen ëmgemat ginn.

DE SITE ELLERGRONN

Mir setzen eis an dat Aktivitéiten an Infrastrukture vun dem eenzegaartege Site konsequent ausgebaut ginn an heiduerch och eng Platz bleift wou de Bierger hautno erliewe ka wouduerch Esch grouss ginn ass, nämlech duerch seng Minnen a Schmelzen a wat dat alles mat sech bruecht huet esouwuel fir d'Mënsche wie fir Natur.

SUCHTBETREIUNG

D'Suchtproblematik huet an der Vergaangenheet staark zougeholl, an sech an Stadbild agenist. Dest feiert zu Deels problematesche Situatiounen am Alldag. Mier plaidéieren dofir fir nom hollännesche Suchtbetreiungsmodell hei anzegräifen a Situatioun vun de Betreffene verbessern. Mir setzen eis op interkommunale plang fir méi dezentral Fixerstoffen an eng Suchtbetreiung mat erweidertem fachlech kompetente Personal an. Duerch Suchtbetreiung, dat weise vill Studie gëtt e Schrëtt a Richtung Drogenonofhängegkeet gemaach.

STREETWORKER OP BRENNPUNKTEN ASETZEN

Mir stinn als Pirate fir Preventioun an. Vun dohier wëlle mir, fir géint Strossenkriminalitéit an der Kriminalitéit am allgemengen entgéintzietriede, vermehrt op Streetworker setzen, an opfälleg Leit opzefänken iert se op eng kriminell Bunn kommen.

ESCH GEHÉIERT DE BIERGER!

Et ass den Awunner hier Stad an Esch soll den Escher Bierger gehéieren. All Bierger aus Esch soll se kënne matgestalten, matliewen a matentscheede kënnen. D'Pirate goufe gegrënnt fir méi Biergerbedeelegung a méi Transparenz z'erméiglechen a genee dat wëlle mir nach méi an Esch bréngen!

NOHALTEG INVESTITIOUNE FIR DE BUDGET AM EQUILIBER ZE HALEN

Fir de Budget och an Zukunft an e besseren Equiliber ze kréie fuerdere mir, datt d'Stad Esch verstärkt nohalteg Investitioune mécht. Dës Investitioune sollen an nohalteg Energieproduktioun, bezuelbare Wunraum an Offeren un Aktivitéite fir d'Zesummeliewen ze fërdere getätegt ginn.

TAXE FIR PERSÉINLECH PERSOUNEBEZUNN DOKUMENTER OFSCHAFEN

Mier sinn der Meenung dat perséinlech persounebezunn Dokumenter déi vun der Gemeng oder dem Staat verwalt gi perséinlechen Eegentum sinn. Bierger*innen déi zertiféiert Fotokopien oder aner Dokumenter am Zesammenhang mat hinne selwer solle brauchen, gi vun der Gemeng duerch Taxen ofkasséiert. Dëst muss ophalen, a fuerderen dowéinst dat des Dokumenter a Fotokopien de Bierger*innen gratis zur Verfügung musse gestallt ginn.

E BIERGERHAUSHALT VU 5% VUM EXTRAORDINÄR

Fir datt Bierger wierklech matschwätze kënnen, mussen hir Proposen och e Budget hunn. Dofir fuerdere mir, datt all Joer 5% vum Extraordinäre Budget fir e Biergerhaushalt zur Verfügung gestallt gëtt an esou jiddereen iwwer digital Outil'en a Versammlungen an de Quartiere ka matentscheede wéi dës Sue sollen agesat ginn.

BIERGERBEDEELEGUNG AB 2,5 MILLIOUNEN AM EXTRAORDINÄREN

Bei gréissere Projeten (iwwer 2,5 Milliounen) solle Bierger kënne mat diskutéieren an hir Proposen am Kader vun dese Projeten abréngen. Dofir kéint een sech 2 Pleniëre pro Joer virstelle wou esou Projete mat allen interesséierte Bierger diskutéiert kéinte ginn.

E BUDGETSPOSTE FIR D'BIERGERPARTICIPATIOUN SCHAFEN

Participatioun muss och finanziell erméiglecht ginn, dofir fuerdere mir datt am Ordinär e Poste geschaaft gëtt, deen explizit fir Aktiounen am Kader vun der Participatioun virgesinn ass. Egal ob dëst Iwwersetzungen, Evenementer oder Broschüre sinn, d'Käschte vun der Participatioun sollen net an eenzele kleng Budgete verstoppt ginn, mee hir Wichtigkeet valoriséiert ginn.

E JUGEND- A KANNERGEMENGEROT ARIICHTEN

Fir datt och Jonker kenne méi aktiv iwwert d'Stad Esch matentscheeden an diskutéiere setze mir eis dofir an, datt souwuel e Jugendgemengerot wéi och Kannerréit an de Quartieren ageriicht ginn. Dëst erlaabt et dann

och d'Meenung an den Engagement vun der nächster Generatioun ze kréien an och hier Visiounen fir en Esch vun haut a muer ze kréien.

E COMITÉ PARTICIPATIV FIR LEIT MAT ENGER KIERPERLECHER ODER GEESCHTEGER ASCHRÄNKUNG

Laut neiste Verëffentlechunge vun der EU mëscht Lëtzebuerg net genuch am Kader vum Projet CRPD. Mir fuerderen dofir als Piratenpartei en Comité ze grenne wou Mënsche mat enger Behënnerung aktiv drun deelhuele kennen, an esou zesumme mat der Gemeng, d'Stad Esch méi accessibel ze machen an e weideren Deel fir Esch vun allen Bierger erméiglecht.

4 BIERGERSTONNE PRO JOER PRO QUARTIER

Fir datt de Schäfferot nach méi no bei de Bierger ass a méi séier gewuer gëtt wou de Schong dréckt, fuerdere mir, datt all Trimester an all Quartier eng Biergerstonn mat engem Member aus dem Schäfferot stattfënnt. Dëst géif et erlabe méi einfach seng Suergen un d'Persoun ze bréngen an och e Kontakt mam Bierger ze hunn.

QUARTIERSRÉIT ARIICHTEN

Fir datt all Quartier sech selwer besser organiséiere kann, fuerdere mir, datt an all Quartier e Rot vu 5 Persounen, déi gewielt solle ginn, ageriicht gëtt fir esou d'Belaanger vu sengem Quartier vis-à-vis vun der Gemeng ze representéieren. Dës Réit sollen net aktuell Syndikater oder Intresseveräiner ersetze mee komplettéiere fir dës méi Flexibilitéit an eventuell e méi direkten Uspriechpartner ze bidden.

REGELMËISSEG KOMMUNAL REFERENDE FIR GRËISSER PROJETEN

Bei Projeten déi iwwer 5 Milliounen Euro am Extraordinär kaschten, wënsche mir eis regelmëisseg kommunal Referende fir datt esou all Bierger ka matentscheeden ob dës Projete wierklech sënnvoll sinn. Bei lokale Projete sollt dës Referendum natierlech op de Quartier dee betraff ass limitéiert sinn. Fir dëst net ze komplizéiert ze maachen, proposéiere mir dës Referenden eemol d'Joer ronderëm d'Ofstëmmung vum Budget am Gemengerot duerchzeféieren.

ALL DOKUMENTER AN ALLEN AMTSSPROOCHEN

All Dokumenter déi d'Gemeng zur Verfügung stellt sollen an allen Amtssproochen (Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch) a punktuell a weidere Sproochen disponibel sinn. Dëst erlaabt en méi einfachen Zougang zu den Dokumenter a Formulaire fir jiddereen a valoriséiert zousätzlech eis Landessprooch.

 esch.piraten.lu esch@piraten.lu facebook.com/pirateparteiesch [@Piratepartei](https://twitter.com/Piratepartei)